N°4423
Entrée le 10.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

D'"Association des médecins et médecins-dentistes" (AMMD) ass viru kuerzem vum Premierminister empfaange ginn. Dat, nodeems d'AMMD x-mol esou een Treffe gefrot hat, well et zu zolitte Meenunsgverschiddenheeten tëscht der Dokteschvereenegung an der Gesondheetsministesch komm war. Bis dato hat de Premier awer d'AMMD net empfaangen.

No der jëtzeger Reunioun, un där och d'Gesondheetsministesch deelgeholl huet, géif ech gären vum Premierminister wëssen:

- Wéi steet de Premier zu der Kënnegung vun der Konventioun mat der CNS duerch d'AMMD, respektiv zum Refus vun der AMMD, déi nei ausgehandelt Konventioun ze ënnerschreiwen, trotz Accord?
- Wat sinn d'Resultater vun deem Treffen tëscht der AMMD an dem Premier?
- Ass fir de Premierminister, anescht wéi vun der AMMD verlaangt, den obligatoresche Konventionement "a Stee gemeesselt"?
- Ass d'Regierung bereet, op d'Fuerderung vun der AMMD anzegoen, fir den Dokteren e selektiven Konventionement an eng wäitgoend Tarifautonomie zouzegestoen, wat poulriicht an eng 2-Klassemedezin géif féieren?
- Wéi steet de Premier zu de gefuerderten Tariferhéijungen?
- Wat fir Engagementer huet d'Regierung bei dëser Reunioun a Saachen "Virage ambulatoire" geholl?
- Ass d'AMMD elo bereet, eng nei Konventioun mat der CNS ze ënnerschreiwen?
- Ass d'Regierung bereet, gegeebenenfalls iwwer Reglement eng nei Konventioun a Kraaft ze setzen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu